N°8303
Entrée le 17.11.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 8303 vum 11. September 2023 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Diane Adehm.**

*1) Kann d'Regierung confirméieren, datt een am Moment an deenen zwou Klinicken trotz Ordonnance vum Dokter kee Rendezvous fir eng Endoskopie oder eng Koloskopie kritt? Wa jo, fir wat kritt kréien d'Patienten kee Rendezvous? Wat wëllt d'Regierung dogéint maachen?*

*2) Wat waren déi duerchschnëttlech Delaien fir gastro-enterologesch an alle Klinicken an de leschte 2 Joer?*

De Gesondheetsministère géif am Kader vun dëser parlamentarescher Ufro betreffend d'Rendezvous'en am Spidol fir eng Endoskopie oder eng Koloskopie op d'Äntwert op d'question parlementaire n°8300 zum selwechte Sujet verweisen.

Ergänzend ass ze soen dass den Délai fir ee Rendezvous fir eng Endoskopie an engem Spidol ze kréien vun der Urgence vun dëser Ënnersichung ofhänkt déi op der Ordonnance ausgewisen gëtt.

Eng urgent Ënnersichung muss selbstverständlech kënnen sou séier wéi méiglech gemaach ginn, wat net onbedengt de Fall fir eng normal Kontrollënnersichung ass.

Et ass net méiglech en detailléierte Rapport mat den duerchschnëttlechen Waardezäiten ze erstellen well des Délais'en en fonction vun den Disponibilitéiten vun den Dokteren an de verschiddene Spideeler variéieren.

Lëtzebuerg, den 16. November 2023

D'Gesondheetsministesch
(s.) Paulette Lenert